N°2363
Entrée le 24.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister, Georges Mischo, op d'parlamentaresch Fro n°2363 vum 22.Mee 2025 vun der éierbarer Deputéiert Mandy Minella**

1. **Kann den Här Minister schonn eppes iwwert de Stand vum nationalen Aktiounsplang fir de Safeguarding soen? Wéini kéint mat enger offizieller Veréffentlechung respektiv der Ëmsetzung gerechent ginn?**

   D'Ausschaffe vun engem Aktiounsplang fir de Safeguarding ass eng vun den erweiderte Missiounen déi ALAD wäert kréien als onofhängeg Ulafstell fir d'Integritéit am Sport ze garantéieren.

2. **Gëtt et mëttlerweil eng Ulafstell bei der ALAD, déi konkret Fäll vu Mëssbrauch am Sport opfänkt a begleet? Falls jo, wéi gesäit d'Organisatioun dovun aus (Personal, Ressourcen, Missiounen)?**

   D'Prozedure fir d'Missioune vun der ALAD ze erweideren an esou déi onofhängeg national Ulafstell ze gi, sinn am Gaang, awer nach net ofgeschloss.

3. **Aktuell existéiere keng Statistiken oder Etuden, déi de Phenomen vu physeschen oder moraleschen Abusen am lëtzebuergesche Sportsecteur dokumentéieren. Ass geplangt, esou Donnéeën z'erhiewen?**

   Et ass effektiv eng Etüd an der Preparatioun iwwer d'Prevalenz vu Gewalt – esouwuel physesch, psychesch, sexuell oder Vernoléissegung – am Sport zu Lëtzebuerg. Dës Etude soll an Zesummenaarbecht mat engem professionellen Enquête Institut an international unerkannten Experten op dësem Gebitt duerchgefouert ginn.

4. **Gouf d'Sensibiliséierung an d'Formatioun vun Traineren zënter Mäerz 2024 konkretiséiert oder ausgebaut, besonnesch am Kontext vun der LUXQF3-Formatioun?**

   D'Thema Safeguarding , mat engem Fokus op d'Kanner an déi Jugendlech, war an ass nach ëmmer Bestanddeel vun der Partie commune LUXQF3 Trainerformatioun.

5. **Hunn et zënterhier Sensibiliséierungscampagnë ginn, déi sech explizitt un d'Sportler*innen,Trainer*innen, Elteren oder Veräiner riichten? "**

   Eng Sensibiliséierungscampagne wäert et spéitstens da gi wann, déi uewe genannten offiziell Prozedure, bis ofgeschloss sinn an den Aktiounsplang bei der ALAD finaliséiert ass.

Lëtzebuerg, den 20. Juni 2025

Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo